PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

Beim Verdacht op een Tumor, kréie verschidde Patienten eng Biopsie verschriwwen. Dës Entnahm vu Geweebe ass ëmmer mat Péng an der Angscht virum Resultat vun der Analys verbonn. Zäit déi vergeet, bis de Patient gewuer gëtt, op et sech ëm een Tumor handelt, an op et ee sougenannten "béisaartegen" oder "guttaartegen" Tumor ass, ass dofir mat vill Stress verbonnen. Am Fall vun engem béisaartegem Tumor ass d'Biopsie den Ufank vun engem laange Kampf géint de Kriibs.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Biopsië ginn all Mount vum LNS traitéiert ?
   Ass d'Ministesch zefridden, wat d'Traitement-Zäite fir Biopsien am Moment betrëfft?
   - Wéi laang huet am Januar 2021 am Duerchschnëtt d'Analys vun enger Biopsie gedauert?
   - Wéi laang am Januar 2019?

2. Wéi vill Persoune schaffen am LNS am National Center of Pathology?
   - Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Unzuel u Personal héisch genuch ass oder missten nach weider Persounen agestallt ginn?
   - Falls d'Ministesch fënnt, dass et nach un Personal feelt, wat fir Profiller ginn nach gesicht ?
   - Ginn et genuch Kandidate fir dës Posten?
   - Falls net, firwat feelt et un Kandidaten?

3. Ginn d'Biopsien der Réi no traitéiert oder ginn et festgehale Krittäre wat Dréngleechkeet betrëfft?

4. Kann ee eng Biopsie zu Lëtzebuerg an engem Spidol maache loossen an ufroen, dass dës am Ausland analyséiert gëtt?
   Falls jo, wéi gëtt dat vun der CNS rembourséiert?
   Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député